

## Evangelium vum 23. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

### Mt 18,15-20

- 15 De Jesus sot zu senge Jünger:  
"Huet däi Brudder géint dech gesënnegt,  
da géi hin a riicht him den Diks, wann s du mat him eleng bass!  
Lauschtert hien op dech,  
dann hues du däi Brudder erëmgewonnen.
- 16 Lauschtert hien awer net op dech,  
dann huel dir nach een oder zwee Leit mat,  
*well all Affär*  
*muss duerch d'Ausso vun zwéin oder dräi Zeie bestätegt ginn<sup>i</sup>.*
- 17 Lauschtert hien och net op si,  
da so där versammelter Kierch et.  
Lauschtert hien awer och net op déi,  
da soll hie fir dech wéi en Heed an e Steierandreiwer sinn.
- 18 Amen, ech soen iech:  
Dat, wat dir op der Äerd matenee verbannt,  
ass och am Himmel matenee verbonnen,  
an dat, wat dir op der Äerd vunenee lassléist,  
ass och am Himmel vunenee lassgeléist.
- 19 Amen, ech soen iech nach eng Kéier:  
Wann der zwéi vun iech sech op der Äerd eens sinn  
an iergendenger Saach,  
a wann si zesummen dorëm bidden,  
da kréien si se vu mengem Papp am Himmel.
- 20 Well do, wou der zwéin oder dräi a mengem Numm zesumme sinn,  
do sinn ech matzen ënner hinnen."

---

<sup>i</sup> Dtn 19,15.